# Spiller fir Wëllefcher

## Thema: Kooperativ Spiller

proposéiert vun der Wëllefcherseкipp

Fallschirmspiller :

1) Et gi vill kleng Bäll an den Fallschirm era geschoss an si mussen all eraus geschoss ginn
2) Et gëtt een méi klengen an een méi groussen Ball an den Fallschirm geluecht, et muss elo probéiert ginn dass deen klengen duerch d'Lach fält an deen groussen net, duerno eventuell ëmgedréit.
3) Mir hunn een Ball am Fallschirm an probéieren deen esou héich ewéi méiglech an d'Luucht ze schéissen duerch Schwingungen
4) Mir hunn zwee Fallschirmer an iwwerall een Ball dran an versichen deen deem aneren Fallschirm ze passen

Aner Spiller:

1) Den hallwe Grupp ass blann, an muss een Circuit iwwert d'Wiss goen. Déi aner probéieren si duerch Zouruffe ze guidéieren. Mir spillen géint d'Zäit.
2) Mir maachen zwou Reien, déi vis-à-vis stinn. Si halen d'Äerm gestreckt beieneen, an verkrämpen hir Hänn. Elo kënnt een gelaf. D'Äerm mussen just virun senger Nues opgoen an an d'Luucht gestreckt ginn, an direkt hannendrun nees zou. An dann deen nächsten.
3) Den ganzen Grupp steet an enger Rei niewenteneen. Si hunn all een Blat um Kapp. Si sollen vun enger Linn A op eng Linn B goen, all zesummen. Wiem säi Blat erof fällt muss stoen bleiwen, bis een aneren mat Blat um Kapp him et opreeft. Wien ukomm ass, däerf awer net méi zeréck. Mir spillen zesummen géint d'Zäit.
4) Op engem Panneau leien 15 Saachen, déi een am Bësch fënnt. Si däerfen eng Minutt gekuckt ginn. Dann soll deen ganzen Grupp déi selwecht 15 Saachen aus dem Bësch an kirzester Zäit beschafen.